Problem 2 fir déi grouss Hiesercher:

De Mathemetty huet all seng Ouschtereeër a senger Garage agespaart. Kuerz virun Ouschtere wëll hie se sichegoen mä hien huet de Code vergiess fir d'Garage opzemaachen.
Kanns du him mat folgenden Informatiounen hëllefen de Code erëm ze fannen, deen hien op dësem Zifferefeld antippe muss?
Beschreif, wéi s du virgaang bass!
Mat der 1. Rei ass déi 1. Rei vun uewe gemengt, also déi mat den Ziffere 7, 8 an 9.

7	**8**	**9**
4	**5**	**6**
1	**2**	**3**

- De Code huet 3 verschidden Zifferen.
- Wann déi 1. Ziffer nët an der 1. Rei ass, da sinn déi 2. an déi 3. Ziffer an der 3. Rei.
- Wann déi 3. Ziffer ongrued ass, dann ass déi 1. Ziffer och ongrued.
- Wann déi 2. Ziffer an der 3. Rei ass, da sin déi 1. an déi 3. Ziffer an der 2. Rei.
- Wann déi 3. Ziffer nët an der 3. Rei ass, dann ass déi 2. Ziffer an der 3. Rei.
- Wann déi 1. an déi 3. Ziffer net an der selwechter Rei sinn, dann ass déi 2. Ziffer an der selwechter Rei wéi déi 1. Ziffer.
- Wann déi 1. an déi 2. Ziffer nët an der selwechter Kolonn sinn, da sinn déi 2. an déi 3. Ziffer an der selwechter Kolonn.
- Wann déi 3. Ziffer an der 1. Kolonn ass, dann ass déi 1. Ziffer och an der 1. Kolonn.
- Wann déi 2. Ziffer an der 2. Kolonn ass, dann ass déi 1. Ziffer an dei 3. Ziffer an der selwechter Kolonn.

Numm: Virnumm: Klass:

Kategorie: ☐ klengen Hieschen ☐ groussen Hieschen ☐ alen Hues